N°1468
Entrée le 09.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°1468 du 5 novembre 2024 de l'honorable Député Sven CLEMENT concernant « Ghost Jobs »**

**Fro N°1 : Ass de Minister sech dëser Problematik bewosst a ginn et Zuelen iwwer d'Ausmooss vun dëser Praktik zu Lëtzebuerg?**

Bis dato ass an deem Kontext kee konkrete Fall un den Aarbechtsministère erugedroen ginn.

**Fro N°2 : Wéi eng legal Moyenen huet den Aarbechtsministère fir géint d'Publikatioun vu "Ghost Jobs" virzegoen?**

Et gëtt momentan keng gesetzlech Bestëmmung, déi d'Publikatioun vun "Ghost Jobs" ausdrécklech verbidd oder sanktionnéiert.

Am Fall, wou awer esou eng Publikatioun géint d'Reegele vun der fairer Konkurrenz oder dem Dateschutz verstéisst, oder eng Fraude duerstellt, kann den Aarbechtsministère, respektiv d'ADEM, eng Plainte beim Procureur d'État déposéieren.

**Fro N°3 : Wéi eng Kontrollmechanismen huet d'ADEM fir ze iwwerpréiwen ob gemellte Plazen tatsächlech existéieren?**

All fräien Posten, deen vun engem Patron bei der ADEM gemellt gëtt, kënnt am Service 'Employeurs' un, wou dann direkt iwwerpréiwt gëtt, op den Patron legal zu Lëtzebuerg etabléiert ass, notamment gëtt déi néideg 'Autorisation d'établissement' kontrolléiert.

Doriwwer eraus schaffen d'Conseillers 'Employeurs' vun der ADEM op deeglecher Basis mat den Patronen zesummen an beroden sie bei hiren reellen Besoinen un Läit fir déi jeweileg gemellten Plazen. Dëst ass d'Plus-value vun der ADEM an schaaft och eng Vertrauensbasis tëscht der ADEM an den Employeuren.

**Fro N°4 : Wat sinn d'Konsequenze fir Entreprisen, déi bei der ADEM bewosst Plaze mellen, déi net existéieren oder scho besat sinn?**

Sollten engem Mataarbechter Doutten kommen iwwert verschidden Posten, op déi wierklech nach ze besetzen sinn oder vläicht schonn besat sinn, dann gëtt den Employeur vun der ADEM kontaktéiert, fir dëst mat him ze beschwätzen. D'Meiglechkeet besteet, datt d'ADEM d'Offer vum Employeur einfach clôturéiert.

**<u>Fro N°5 :</u> Gedenkt de Minister zousätzlech Mesuren anzeféieren, fir dës Praktik ze verhënneren an d'Transparenz um Aarbechtsmaart ze garantéieren?**

Vu que datt bis dato keng konkret Fäll un den Aarbechtsministère erugedroen goufen, ass net ugeduecht, an deem Beräich zousätzlech Mesuren anzeféieren.

Luxembourg, le 9 décembre 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**